N° 4538
Reçue le 02.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 02 AOUT 2021

**Objet : Question parlementaire n° 4538 de Messieurs les Députés Marc Lies, Léon Gloden et Laurent Mosar concernant une panne des numéros d'appel urgence « 112 » et « 113 ».**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, an der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°4538 vum 24. Juni 2021 vun den honorabelen Deputéierte Marc Lies, Léon Gloden a Laurent Mosar zum Sujet "Problèmes techniques de la centrale de secours d'urgence"**

**Fro 1**

Mir kënnen d'Informatiounen, esou wéi se an der parlamentarescher Fro vun den honorabelen Deputéierten duergestallt sinn, net bestätegen.

Et muss ee fir d'éischt bemierken, dass et sech beim Einsatzleitsystem (ELS), beim Renita a bei den zwou Noutruffnummeren 112 an 113 ëm verschidde Systemer handelt, déi net sollte verwiesselt ginn. D'Kommunikatioun iwwer Funk, Handy, Festnetz an ELS gehéiert zu der normaler Asazkommunikatioun vun der Police a vun de Rettungsdéngschter a ka bei aussergewéinleche Situatioune komplementar genotzt ginn. Weder de Renita, nach den 112 waren zum betreffenden Zäitpunkt vun den technesche Problemer impaktéiert.

Et ass eng informatesch Pann virgefall, déi Repercussiounen op verschidden IT-Systemer hat, dorënner och d'Noutruffnummer 113 an den ELS.

D'Noutruffnummer 112 hat den 22. Juni kee Problem a war zu all Moment z'erreechen. D'Technik vum CSU 112 war funktionell.

**Froen 2 bis 4**

Et huet sech beim Virfall net ëm en Update gehandelt, mee ëm eng technesch Pann.

**Froen 5 a 6**

Et gouf keng Deviatioun vun de Noutriff vum 113 op den 112. D'Bierger hunn aus eegener Initiativ d'Noutruffnummer 112 gewielt, wéi den 113 net z'erreeche war.